adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°5684
Reçue le 03.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 03.02.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Verschidde grouss Gemenge stinn ëmmer méi dacks an der Press, well et däitlech Sécherheetsprobleemer gëtt. An der Lescht hat – no Esch, Ettelbréck an der Stad Lëtzebuerg – och Déifferdeng dës zweiwelhaft Éier. D'Police huet et ëmmer méi schwéier, a bestëmmte Quartieren oder Uertschaften d'Recht an hir Autoritéit duerchzesetzen.

An deem Kontext hätt ech dës Froen un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Justizminister:

1. Et schéngt, wéi wann déi gréisser Uertschaften hei am Land all mat Sécherheetsproblemer konfrontéiert wären. Stellen dës Entwécklungen an deen ze erwaardenden, weidere Bevëlkerungswuesstem, dee sech och un dëse Brennpunkte wäert iwwerduerchschnëttlech néierschloen, déi aktuell Rekrutéierungspläng bei der Police a Fro? Ginn net a Wierklechkeet nach méi Poliziste gebraucht wéi aktuell virgesinn?
2. Wéi wierkt sech d'Zoumaache vun engem Kommissariat op d'Sécherheet an enger Gemeng aus? Gëtt et do scho konkret Erfarenswäerter aus betraffene Gemengen? Wär bei Virkommnisser wéi elo ronderëm de Park Gerlache zu Déifferdeng eng grouss Reaktivitéit duerch d'Proximitéit vun engem gréissere Kommissariat net vu grousser Wichtegkeet?
3. Ginn d'Police-Befugnisser duer, fir Leit Meeschter ze ginn, déi a Gruppen optrieden a sech quasi een Etablissement als „Haaptquartéier" ausgesicht hunn?
4. Sinn ënnert deenen aktuelle Gesetzer eis Poliziste genuch geschützt, fir géint aggressiv Gruppe vu Leit decidéiert virzegoen a sech ze wieren, wa si beleedegt, bespaut oder physesch ugegraff ginn? Oder musse si an der permanenter Angscht virun disziplinareschen a juristesche Konsequenze liewen, wa si sech wieren?
5. An eisen Nopeschlänner an a ganz Europa gëtt et „zones de non-droit" a groussen Uertschaften. Ass Lëtzebuerg och um Wee, fir Quartieren ze kréien, an deenen d'Police net méi déi néideg Mëttelen an net déi néideg politesch Ënnerstëtzung huet, fir eise Rechtsstaat wierksam ze verdeedegen?
6. Wär d'Regierung d'accord, fir et der Police ze erlaben eng transparent, éierlech a komplett Kommunikatiounspolitik ze hunn, ouni missen op politesch Virgabe

Récksiicht ze huelen? Huet d'Ëffentlechkeet net e Recht drop, alles gewuer ze ginn, wat hei am Land am Beräich vun der ëffentlecher Sécherheet geschitt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten